ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI

Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 19. Oktober 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Energieminister an un d'Madamm Ëmweltministesch weiderzeleeden.

Eis Ressourcen fir Stroum ze produzéieren si begrenzt an och eis Waasserressourcen zu Lëtzebuerg si begrenzt.

An dësem Zesummenhang wéilt ech dem Här Minister gär folgend Froe stellen:

1. Am Hibléck op de Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg: Kann den Här Minister eng Opléschtung presentéieren, ewéi vill Prozent vum Waasserverbrauch genotzt ginn

   - an der Industrie a beim Handwierk,

   - am Déngschtleeschtungssecteur,

   - bei der Landwirtschaft,

   - bei de Privathaushalter?

2. Am Hibléck op de Stroumverbrauch: Kann den Här Minister eng Opléschtung presentéieren, ewéi vill Prozent vum Stroumverbrauch genotzt ginn

   - an der Industrie a beim Handwierk,

   - am Déngschtleeschtungssecteur,

   - bei der Landwirtschaft,

   - bei de Privathaushalter?

3. Existéiert eng Opléschtung, wéi et no aktuellem Stand ëm d'Reserven am Hibléck op de Waasserverbrauch zu Lëtzebuerg steet?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

Fred Keup
Deputéierten

**ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742**